# Eng lieweg Gemeng fir jiddereen

Le programme électoral de
The Election Program of
O programa eleitoral de

## De Programm vun Zesumme fir Leideleng



**For English,**
please see here

**Para português,**
por favor ver aqui

# Léif Leidelenger Biergerinnen a Bierger,

Dir konnt an eisem Bilan gesinn, wat an deene leschte Jore realiséiert gouf a virun allem, wat net.

An eisem Programm kënnt Dir a Bild an Text gesinn, wat Zesumme fir Leideleng sech virgeholl huet, sollte mir an d'Verantwortung kommen. All eis Projeten hunn d'Ambitioun, **d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng ze erhéijen** an déi lokal Communautéit ze stäerken.

Mir hu **Projete** fir d'Jugend, d'Famillјen, d'Senioren, d'Educatioun, d'Mobilitéit, d'Sécherheet, d'Wunnen, d'Zesummeliewen, de Sport an d'Fräizäit. Dozou gehéieren och grouss Infrastrukturaarbechten. E groussen Accent setze mir op **d'Nohaltegkeet** vun all eise Projeten. Déi zukünfteg Generatioune sinn eis net egal.

Eis motivéiert Equipe engagéiert sech, d'Projeten, déi mir hei virstellen, ze realiséieren an esou, **eng lieweg Gemeng fir jiddereen** ze schafen.



**Lou Linster**
Spëtzekandidat
Gemengeconseiller



© WW+

## Eng modern Gemeng

Eng modern Gemeng, dozou gehéieren net nëmmen en **attraktiven Zentrum** a gutt **Vëlosweeër**. Eng modern Gemeng ass eng Gemeng, déi **am Déngscht vun hire Biergerinnen a Bierger** steet an op si lauschtert. Mir wäerten eis dofir asetzen, datt d'Gemeng méi **aktiv um Wunnengsmarché** gëtt, fir eiser Jugend bezuelbare Wunnraum ze bidden.  D'Gemeng soll a muss sech weiderentwéckelen, fir **keng doudeg Gemeng ze ginn**. An neie Quartiere soll, anescht wéi bis ewell, de **Mënsch an net méi den Auto am Mëttelpunkt** stoen. Leideleng dierf net am Verkéier erstécken.

## Infrastruktur a grouss kommunal Projeten

D'Basis vun enger moderner a liewenswäerter Gemeng ass eng **gutt Infrastruktur**. Wat den Zentrum vu Leideleng ugeet, gouf an de leschte Jore vill versprach a wéineg ëmgesat. Mir wäerten dëse Chantier endlech upaken. Och um Niveau vun der **Verkéiersberouegung**, de Vëlosweeër an dem **Héichwaasserschutz** wëlle mir Neel mat Käpp maachen.




© WW+

## Shared Space

Fir de Verkéier am Zentrum vun der Uertschaft ze berouegen an dësen Zentrum nees mat Liewen ze fëllen, engagéiere mir eis dee laang versprachene **Shared Space** endlech ze realiséieren. De Shared Space ass allerdéngs keng Ëmgeeungsstrooss. Den **Trafick** wäert doduerch **kaum reduzéiert** ginn, dofir awer staark **gebremst**. Eng Ëmgeeungsstrooss ass fir d'Gemeng leider net finanzéierbar.

Eng Rëtsch Commercen, notamment e **Liewensmëttelgeschäft**, awer och e **gastronomesche Betrib** sollen **den Zentrum redynamiséieren**. Mir wäerten eis beim Santésministère och dofir asetzen, datt Leideleng eng **Apdikt** kritt. Ronderëm d'Place du Lavoir wäert **bezuelbare Wunnraum** entstoen. Leidelenger Awunnerinnen an Awunner sollen hei Prioritéit kréien. D'Place du Lavoir soll eng Plaz ginn, wou d'Leit sech begéine kënnen a wou ee gären ass.

En Deel vun der Rue Eich an de Parking virun der Gemeng wäerten och Deel vum Shared Space ginn. **D'Terrass vun der Brasserie** an der Eech wäert nei amenagéiert ginn. En neie Bedreiwer vun der Brasserie an der Eech soll esou séier wéi méiglech fonnt ginn, fir datt dës endlech nees opgoe kann.



© Frank Engels

## Héichwaasserschutz

Besonnesch de Schléiwenhaff war bei de leschte Staarkreen-Evenementer vum Héichwaasser betraff. An Zesummenaarbecht mam Waasserwirtschaftsamt sollen déi schonns geplangte **Mesüre fir den Héichwaasserschutz** esou séier wéi méiglech realiséiert ginn. Bei Staarkreen soll d'Waasser aus de Baachen zeréckgehale ginn a kontrolléiert duerch d'Agglomeratioun fléissen.

## Neimaache vu Stroossen

Mir engagéieren eis, follgend Infrastrukturaarbechten duerchzeféieren:

- Reamenagement vun der **Rue de la Montée** (mat Erneierung vum Kanal). 1
- Erneierung vum Kanaluschloss am **Domaine Op Hals**.
- Reamenagement vun der **Rue Eich** an der **Rue du Lavoir** (Deel vum Shared Space). 2




© Frank Engels



## Verkéiersberouegung

Mir engagéieren eis, follgend Mesüre fir d'Verkéiersberouegung duerchzeféieren:

- **D'Zéissenger Strooss** soll am Uertsagang méi enk gemaach ginn. 3
- **D'Rue de la Gare** um Schléiwenhaff soll deelweis méi enk gemaach ginn. 4
- **Dialogtafelen** ("Dir fuert mat xx km/h") sollen och bannent der Uertschaft selwer opgestallt ginn, net nëmmen an den Entréeën.

D'Rue de Luxembourg an d'Rue d'Esch 5 wäerten am Kader vum nationale Projet „séieren Tram op Esch" 6 verkéiersberouegt ginn. D'Echangeure „Leideleng Nord" a „Leideleng Süd" wäerten ëmgebaut ginn, wouduerch däitlech manner Verkéier op dëser Achs wäert sinn. Am Virfeld dovu wäerte mir eis awer asetzen, fir datt:

- **d'Kräizung Rue de la Montée / Rue de Luxembourg** mat enger **rouder Luucht** equipéiert gëtt.
- d'Rue de Luxembourg am Uertsagang **méi enk** gemaach gëtt.










© Frank Engels




© Ministère de la Mobilité et des Travaux publics



© Frank Engels

## Nei Vëlosweeër

Kuerzfristeg soll e **Vëloswee tëscht der Rue de la Vallée an dem Feldwee „Bowent“** Realitéit ginn. Gläichzäiteg soll de Feldwee „Bowent“ mam Feldwee, deen aus der Rue Belle-Vue kënnt, a mat der Entrée vum Berkebësch verbonne ginn.

Mëttelfristeg wëlle mir e séchere **Vëloswee tëscht Leideleng an der Stad** realiséieren. Dëse soll vun der Place du Lavoir aus duerch den neie Quartier „Bommert“ verlafen, duerno weider bis an d’Aktivitéitszon „Am Bann“. Laanscht de Grasbësch wäert d’Streck iwwert de bestoende Vëloswee féieren. D’Kräizung fir op Zéisseng soll entschäerft ginn, fir datt dës sécher mam Vëlo ka passéiert ginn.

E weidere **Vëloswee soll tëscht Leideleng an der Leidelenger Gare** realiséiert ginn.

## Adäquat Raimlechkeete fir d’Veräiner

De **Proufsall vun der Leidelenger Musek** ass schonns säit Joren **ze kleng**. Dank enger gudder Jugendaarbecht wäert d’Musek awer nach wuessen. Zesumme mam Veräin wäerte mir analyséieren, wat déi beschte Léisung ass, an dës och ëmsetzen.

Gläichzäiteg wäerte mir dofir suergen, datt de **Club des Jeunes adäquat Raimlechkeeten** zur Verfügung gestallt kritt, éier dat aalt Postgebai, wou si aktuell ënnerbruecht sinn, ofgerappt gëtt.



© M3 Architectes

## Fleegeheem mat betreitem Wunnen

Mir wäerten eis dofir asetzen, dass **d'Fleegeheem mat betreitem Wunnen** um Geierbierg esou séier ewéi méiglech realiséiert gëtt.

## Gemengefinanzen

Mir sti fir eng **effikass Ausgabepolitik**. Déi ordinär Recetten awer och déi ordinär Depensë vun der Gemeng sinn an de leschte 6 Joer ëm 50 % geklommen. Dat sinn déi Depensen a Recetten, déi all Joer erëmkommen. Fir déi verschidden extraordinär (eemoleg) Projete finanzéieren ze kënnen, ass et noutwenneg dofir ze suergen, datt déi **ordinär Ausgaben an Zukunft manner séier klammen**. Mir wäerten dofir bei eenzele Budgetsposte kucken, ob se an där Form noutwenneg sinn. Esou behale mer de Scholdestand vun der Gemeng am **Grëff**.

# Mobilitéit

Als Randgemeng vun der Stad Lëtzebuerg ass Leideleng staark vum Trafick belaascht. Eng modern Gemeng ass eng Gemeng, **wou de Mënsch an net den Auto am Mëttelpunkt** steet. Leideleng eleng wäert den nationale Verkéiersproblem net an de Grëff kréien, mee mir wäerten awer déi Mesüren huelen, déi mir als Gemeng huele kënnen.

## Ausbau vum vel'OH!-Reseau & Opstelle vun enger mBox

Mir wäerten eis dofir asetzen, datt **weider vel'OH!-Statiounen** opgeriicht ginn; dëst um **Schléiwenhaff** an an der Géigend vun der **Schwéngsweed**. Mir wäerten eis bei der CFL dofir staarkmaachen, datt eng **mBox** op der Leidelenger Gare opgeriicht gëtt, fir datt ee säin eegene Vëlo sécher kann do stoe loossen.



## Aféierung vun engem Ruffbus

Mir engagéieren eis, en elektresche **Ruffbus** anzeféieren. E Ruffbus ka genotzt ginn, fir Kommissiounen ze maachen, an d'Apdikt a bei den Dokter ze goen oder awer d'Sportsoffer vun der Gemeng Beetebuerg ze notzen.

## Fërderung vun autoaarme Quartieren

Mir wäerten d'Kreatioun vun **autoaarme Quartiere** fërderen. An neie Lotissementer solle **schallgeschützt Silos-Parkingen** um Rand vum Quartier geschafe ginn, sou datt net méi jiddereen all Dag duerch de Quartier fuere muss. Gläichzäiteg soll de **Parkplazeschlëssel reduzéiert ginn**, d.h. net all neit Appartement wäert iwwer zwou Parkplaze verfügen. Ausserdeem wäerte mir an neie Quartieren och **däitlech manner Parkvignetten** ausstellen. Esou wëlle mir verhënneren, datt ëmmer méi Autoen op Leideleng kommen.

## Parking résidentiel

Mir halen um Prinzip vum Parking résidentiel fest. Mir wäerten awer op enger **Rëtsch Plazen nobesseren**. Bei neie Gebaier an den Aktivitéitszonen soll de Parkplazeschlëssel reduzéiert ginn. Esou wëlle mir erreechen, datt déi Leit, déi zu Leideleng schaffen, op den **ëffentlechen Transport zeréckgräifen**.

# Eng Gemeng am Déngscht vun de Biergerinnen a Bierger

D'Gemeng steet am Déngscht vun de Leidelenger Biergerinnen a Bierger. Mir leeë Wäert dorop, datt si **eescht geholl** an hir Doleancen esou séier wéi méiglech traitéiert ginn. Dat war an der Vergaangenheet leider net ëmmer de Fall. **D'Ëffnungszäite** vun der Gemeng sollen un d'Besoine vun de Leit ugepasst ginn.

## E-Verwaltung

Déi **digital Offer vun der Gemeng** soll weider ausgebaut ginn, sou datt ee just nach muss fir bestëmmten Demarchen, wéi z. B. d'Ausstelle vun engem Pass, physesch op d'Gemeng komme muss. Doriwwer eraus sollen net-persounebezunnen administrativ Dokumenter an och politesch Decisiounen online zougänglech gemaach ginn. Selbstverständlech wäert et och weiderhi méiglech bleiwen, **physesch op d'Gemeng** ze kommen, fir déi eenzel administrativ Demarchen ze maachen.

## Eng verständlech Kommunikatioun

D'Kommunikatioun vun der Gemeng soll verbessert ginn. Esou soll eng **App** agefouert ginn, op där déi wichtegst Informatiounen op ee Bléck verfügbar sinn. Den **Internetsite vun der Gemeng** soll iwwerschafft a méi reegelméisseg à jour gesat ginn. Doriwwer eraus wëlle mir de Site **méisproocheg** maachen an de **Gemengebuet** soll an Zukunft och **komplett op Englesch** verfügbar sinn.

## Biergerbedeelegung förderen

Mir wëllen d'Biergerbedeelegung weider förderen an déi **partizipativ Demokratie** stäerken. Esou soll eng **„Iddiebréifkëscht"** agefouert ginn, wou d'Leit oder d'Veräiner nei Projete virschloen a Verbesserungsvirschléi maache kënnen. Et soll mat de Leit zesummen analyséiert ginn, wéi ëffentlech Stroossen a Plaze méi gréng kënne gestallt ginn an **d'Leit sollen agebonne ginn**, wann hir Strooss frësch gemaach gëtt.



© Shutterstock

## Eng Gemeng mat engem oppenen Ouer

Eis ass et wichteg, datt de Buergermeeschter- a Schäfferot accessibel fir d'Biergerinnen a Bierger ass. Dofir wäerte mir eng **Biergerspriechstonn** aféieren, an där d'Leit op Rendez-vous hir Doleancë mam Schäfferot diskutéiere kënnen. Déi nei **App**, déi mir aféiere wëllen, wäert e **„Report-It"-Button** hunn, fir datt jiddereen der Gemeng séier an onkompliziéiert e Problem matdeele kann.

## Gemengerotssëtzung am Livestream

All interesséiert Biergerinnen a Bierger mussen d'Méiglechkeet kréien ze verfollegen, **wat am Gemengerot beschwat gëtt**. Mir wäerten dofir suergen, datt **d'Gemengerotssëtzungen** an Informatiounsversammlunge gefilmt a **live an och zäitversat** online verfügbar sinn. Esou sinn déi eenzel Decisioune méi **transparent**.

# Logement

Lëtzebuerg ass an enger **Wunnengskris**. Vill Jonker mussen eis Gemeng verloossen, well si **keen adäquate Wunnraum** fannen. D'Gemeng Leideleng eleng wäert déi national Wunnengskris net léisen, mee mir wäerten awer eng **Rei Mesüren ëmsetzen**.

## Schafe vu bezuelbarem Wunnraum

Mir wäerten dofir suergen, datt ë. a. ronderëm d'Place du Lavoir **bezuelbare Wunnraum** entsteet. Déi **Leidelenger Leit** sollen dobäi **Prioritéit** kréien. D'Gemeng soll och weiderhi proaktiv Terraine kafen, fir bezuelbare Wunnraum ze realiséieren.

## PAG & Bautereglement

An der Praxis weise sech eng **Partie Schwächten** am neie **Leidelenger PAG.** Dëse soll dofir **punktuell** iwwerschafft a verbessert ginn. De **ländleche Charme** vun der Gemeng soll erhale bleiwen. De **bestoende Bauperimeter** wäert net erweidert ginn. Mir wäerten dofir suergen, datt nei Lotissementer sech gutt an den Tissu urbain integréieren.

## Tiny Houses & alternativ Wunnformen

De **PAG an d'Bautereglement** wäerten esou ugepasst ginn, datt et zu Leideleng méiglech gëtt, **Tiny Houses** opzestellen. Mir wëllen dëst och op schonns bebauten Terraine méiglech maachen. Mir ënnerstëtzen och aner **alternativ Wunnformen**, wéi z. B. **Wunngemeinschaften**.



© Shutterstock

## Acceleratioun vun de Prozeduren

Laangwiereg Prozedure sinn eng vun den Haaptursaachen, firwat de Wunnengsbau zu Lëtzebuerg nëmme lues virukënnt. Mir wäerten dofir suergen, datt **d'Prozeduren**, fir déi d'Gemeng zoustänneg ass, **maximal acceleréiert ginn**.

## Eng liewenswäert Gemeng

Eng liewenswäert Gemeng ass eng Gemeng, an där jidderee sech wuel a sécher fillt an och jiddereen **aktiv um Zesummeliewen** deelhuele kann. Mir wäerten eis dowéinst fir e méi **sécher Schoulwee**, gutt **siichtbar Zeebrasträifen** an eng **Optimiséierung vun der Beliichtung** an der Gemeng asetzen. Ausserdeem sollen **d'Informatioune** vun der Gemeng méi **liicht zougänglech** gemaach an dat interkulturellt Liewe weider gefërdert ginn. Mir wëllen de Benevolat, de Sport an d'Kultur weider **aktiv ënnerstëtzen.**

## Educatioun

D'Kanner sinn eis Zukunft. Mir mussen hinnen dofir d'Chance ginn, an enger **kanner- a familljefrëndlecher Gemeng** opzewuessen. Et sollen hinne villsäiteg an ofwiesslungsräich Méiglechkeeten ugebuede ginn, fir sech ze entwéckelen a sech fräi a sécher ze entfalen.
Déi **Jugendlech** sollen net vergiess ginn. Och si solle vun der Gemeng an hirer **Weiderbildung ënnerstëtzt ginn**.



© WW+

### Parking bei der Schoul a Kiss & Go

D'Sécherheet vun eise Kanner geet vir. Et solle Mesüren um Parking virun der Schoul ëmgesat ginn, fir eng **besser Sécherheet** vun de Schoulkanner ze garantéieren. Am Kader vum Shared Space wäert dëse Parking ganz verschwannen. Parallel dozou wäert e **Kiss & Go an der Rue du Lavoir** realiséiert ginn, fir déi Kanner, déi mam Auto an d'Schoul respektiv an d'Maison relais bruecht ginn.

## Eltereneck

Wann d'Elteren hir Kanner an d'Aktivitéite bréngen, rentéiert et sech fir si dacks net, dotëscht heem ze fueren. Dofir soll den **Eltereneck**, deen et schonns an der Eech gëtt, **ausgebaut ginn**. E méi benotzerfrëndlechen Eltereneck erlaabt et den Eltere souwéi all anerer Begleetpersoun vun de Kanner, op där Plaz Informatiounen ze sammelen oder sech mat anere Leit auszetauschen.



## Waasserspillplaz

Waasserspillplaze si bei de Kanner immens beléift. Trotz de ville Spillattraktiounen, déi et hei zu Leideleng gëtt, gëtt et nach keng Plaz, wou d'Kanner sech bei méi **waarmen Temperaturen ofkille** kënnen a gläichzäiteg Spaass kënnen hunn. Mir wëllen dofir eng nohalteg an **ëmweltschounend Waasserspillplaz** an eiser Gemeng bauen.

## Gemengecrèche

Mir wäerten analyséieren, ob et an Zesummenaarbecht mat enger anerer Gemeng méiglech ass, eng **Gemengecrèche** ze kreéieren.

## Stagen & Vakanzenjobs bei lokale Betriber

Déi **Jugendlech** sollen op hirem Bildungswee ënnerstëtzt ginn. D'Gemeng soll de Lien tëscht hinnen an de Leidelenger Betriber hierstellen, fir datt si hir **Stagen oder Vakanzenjobs** do maache kënnen.



© Shutterstock

# Zesummeliewen & Chancëgläichheet

E respektvollt an tolerant Mateneen dréit zu engem attraktive Gesellschaftsliewe bäi. Mir wëllen dat **interkulturellt Liewe** weider fërderen a jiddereen encouragéieren, sech aktiv um Gemengeliewen ze bedeelegen.

## Liichten Zougang zu Informatiounen

Mir setzen eis dofir an, datt jiddereen Zougang zu allen Informatiounen aus der Gemeng huet. Besonnesche Wäert soll dobäi op eng **inklusiv Kommunikatioun** geluecht ginn. Wichteg Biergerinformatioune sollen a **„Leichter Sprache“** zur Verfügung gestallt ginn a bei Informatiounsversammlunge vun der Gemeng soll eng Iwwersetzung op Franséisch an Englesch garantéiert sinn.

## Accessibilitéit fërderen

Och Mënsche mat engem Handicap solle sech wuelfillen a sech **fräi an onofhängeg** an der Gemeng beweege kënnen. Mir wëllen **d'Accessibilitéit** vun den ëffentleche Strukturen a Servicer weider verbesseren a jidderengem e **selbstbestëmmt Liewen** erméiglechen.

## Club Senior

Mir begréissen et, datt an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Beetebuerg, e **Club Senior** an d'Liewe geruff gouf. Eng **Navette** wäert den Transport op Beetebuerg assuréieren. Mir wäerten eis dofir asetzen, datt och **Aktivitéiten zu Leideleng** organiséiert ginn.



© Shutterstock

## Pakt vum Zesummeliewen

E respektvollt an harmonescht Mateneen ass just da méiglech, wann all eenzele sech aktiv an d'ëffentlecht Liewen an der Gemeng abrénge kann. Fir de **kulturellen Austausch** an de **sozialen Zesummenhalt** ze färderen, engagéiere mir eis fir eng kohärent Ëmsetzung vu Mesüren am Kader vum „Pakt vum Zesummeliewen". Zu dëse Mesüre gehéieren ë. a. eng méi reegelméisseg Organisatioun vum **„International Afterwork"** an d'Aféiere vun engem **Integratiounslunch**.

## Begréissungspak

Fir et neie Biergerinnen a Bierger méiglechst einfach ze maachen, sech an **d'Duerfgemeinschaft ze integréieren**, wëlle mir hinne bei der Umeldung e Begréissungspak mat alle **wichtegen Informatiounen** (ë. a. prakteschen Informatiounen an Informatiounen iwwer d'Leidelenger Veräiner a Fester) ubidden. Ausserdeem wëlle mir um Site vun der Gemeng eng Sektioun fir nei Awunnerinnen an Awunner ariichten.

## Offer u Lëtzebuergeschcoursen ausbauen

Vill Leit, déi eng aner Mammesprooch hunn, wëllen hautdesdaags **Lëtzebuergesch léieren**, fir besser um Liewen an der Gemeng deelzehuelen. Dofir wëlle mir d'Offer u Lëtzebuergeschcoursen an der Gemeng ausbauen. Nieft den Ufängercoursen (Niveau A1-A2) sollen och **Opbaucoursen (Niveau B1)** ugebuede ginn.

## Les rues au féminin

Fir **d'Gläichstellung tëscht Männer a Frae** weider ze stäerken, ass et wichteg, Fraen am ëffentleche Raum méi visibel ze maachen. Aus dësem Grond wëlle mir d'Aktioun „Les rues au feminin" weider ausbauen an dofir suergen, datt reegelméisseg nei **Stroossen no enger Fra** benannt ginn.

## Hëllef fir d'Ukrain

Mir condamnéieren de russeschen Ugrëffskrich an der Ukrain. Mir engagéieren eis d'ukrainesch Refugiéeën hei zu Leideleng an déi Familljen, déi se opgeholl hunn, **weider ze ënnerstëtzen**.

# Sport, Fräizäit & Kultur

Eng **breetgefächert Sport- a Kulturoffe**r belieft eng Gemeng an ass e wichtegen Deel vum gesellschaftleche Mateneen. Dës Offer muss dowéinst erhalen an **d'Veräiner**, déi de Motor vum sozialen Zesummeliewe sinn, adäquat ënnerstëtzt ginn.

## Lokal Veräiner fërderen

Fir d'lokal Veräiner nach besser ze ënnerstëtzen, wëlle mir **d'Veräinssubsiden op de Leescht huelen** an un d'Bedierfnisser vun de Clibb upassen. Ausserdeem sollen d'Veräiner bei der **Promotioun vun hiren Eventer** besser ënnerstëtzt ginn an nach méi wéi bis ewell bei der **Duerchféierung** vun dësen ënnert d'Äerm gegraff kréien.

## Kulturell Offer erhalen

Kultur bréngt Leit zesummen a reegt se dozou un, sech auszetauschen. Mir wëllen **d'Kulturoffer** an eiser Gemeng **erhalen** an dofir suergen, datt och jiddereen Zougang zu dëser Offer huet.

## Sportoffer ausbauen

Sport ass net nëmme wichteg fir déi physesch ma och fir déi mental Gesondheet a stäerkt déi lokal Gemeinschaft. Mir setzen eis fir eng **Verbesserung vun der Sportoffer** an der Gemeng an; dëst am Kader vum Sport-Loisir mat der Gemeng Beetebuerg.

## Jumelage

An Zesummenaarbecht mat der Europäescher Unioun wäerte mir e **Jumelage** mat enger europäescher Gemeng ustriewen. Op dës Manéier hu Schoulklassen an och déi lokal Veräiner d'Méiglechkeet, reegelméisseg a Kontakt mat de Schoulklassen a Veräiner vun eiser **Partnergemeng** ze trieden. Och op politeschem Plang soll mat der Partnergemeng zesummegeschafft ginn.

## Vakanz doheem

Zu Leideleng soll een net nëmme wunnen a schaffen, ma et soll ee sech och a senger **Fräizäit an der Natur** erhuele kënnen. Mir wëllen dowéinst weider Vélosweeër kreéieren (kuckt och Kapitel „Infrastruktur") an déi bestoend Wanderweeër **besser ausschëlderen**. An de Bëscher solle Laftier ausgewisen an en **Theemewee** amenagéiert ginn. De Bëschwee beim ale Waassertuerm soll a Stand gesat ginn. Donieft soll d'Kreatioun vun engem **Noherhuelungsgebitt** analyséiert ginn.



# Sécherheet

Eng Gemeng, déi sécher ass an an där ee sech sécher fillt, suergt fir eng méi héich Liewensqualitéit. D'Gemeng ass **matverantwortlech fir d'Sécherheet** an de Schutz vu senge Biergerinnen a Bierger a sollt hiert **Sécherheetskonzept** reegelméisseg op de Leescht huelen an upassen.

## Policepresenz erhéijen

Fir d'Sécherheet an der Gemeng ze erhéijen a virun allem **d'Unzuel un Abréch** ze reduzéieren, setze mir eis fir eng méi **héich Policepresenz** an. Och eis Aktivitéitszone mussen nuets sécher sinn an däerfe keng Plaz sinn, wou **illegal Autoscourssen** organiséiert ginn.

## Preventioun stäerken an d'Ëffentlechkeet sensibiliséieren

Méi Sécherheet schaaft een net just duerch Kontrollen, ma och duerch Preventiouns- a Sensibiliséierungsaarbecht. Mir wëllen déi gesellschaftlech **Jugend- a Preventiounsaarbecht** an der Schoul weider stäerken an och d'Ëffentlechkeet a punkto **Abrochschutz a Verkéierssécherheet** informéieren.

## Méi a méi sécher Zeebrasträife schafen

Fir datt d'Leit sech an der Gemeng sécher zu Fouss beweege kënnen an d'Kanner sécher an d'Schoul kommen, mussen **d'Zeebrasträife liicht ze erkennen** a méi visibel sinn. All d'Zeebrasträifen an der Gemeng solle mat blo-wäisse **Leetzylinderen** equipéiert ginn an och an der Rue Ehs soll en Zeebrasträife geschaf ginn. Mir wäerten eis dofir asetzen, datt den Zeebrasträifen op der Kräizung Rue de la Gare / Rue de la Forêt mat enger rouder Luucht securiséiert gëtt. Weider wäerte mir analyséieren, ob et sënnvoll ass, weider Zeebrasträifen um Schoulwee **mat enger Persoun** ze sécheren.



© Shutterstock

## Beliichtung am ëffentleche Raum optimiséieren

Mir wëllen e **Liichtmasterplang** fir Leideleng ausschaffen. Esou soll fir eng **adäquat Stroossebeliichtung** gesuergt ginn, ouni awer d'Liichtverschmotzung ze erhéijen. An den Aktivitéitszone kann d'Stroossebeliichtung schonns haut **gedimmt** ginn. Mir wäerten analyséieren, ob dat och an de Wunnquartiere sënnvoll ass. Fir datt d'Sécherheet erhale bleift, solle **Beweegungsmelderen** dofir suergen, datt d'Stroossebeliichtung zu 100 % liicht, wann eng Persoun laanschtgeet. Mir wäerten ausserdeem dofir suergen, datt um Enn vun der Legislatur sämtlech Gemengestroosse mat **LED-Luuchten** equipéiert sinn.

# Eng nohalteg Gemeng

Fir de **Klimawandel ze bremsen**, muss jiddereen un engem Strang zéien. Besonnesch d'Gemenge mussen hei eng Virreiderroll iwwerhuelen. Duerch den Ausbau vun den **erneierbaren Energien**, der Sanéierung vu bestoende Gebaier an der Erhéijung vun der **Energieeffizienz** wäerte mir probéieren, d'Gemengeverwaltung mëttelfristeg **klimaneutral** ze maachen. D'Mesüren aus dem **Klimapakt 2.0** solle konsequent ëmgesat ginn. Doriwwer eraus, wëlle mir eis Ressourcë schounen, andeems mir op **d'Kreeslafwirtschaft** setzen.

## Fotovoltaik

Mir wäerten dofir suergen, datt verschidde bestoend Gemengegebaier, wéi z. B. déi al Schoul oder d'Märei, mat **Fotovoltaikmoduler** equipéiert ginn. Dat selwecht gëllt fir **all neit Gemengegebai**. Doriwwer eraus wäerte mir et de Leidelenger Biergerinnen a Bierger erméiglechen, selwer an dës Fotovoltaikanlagen ze **investéieren**.



© Shutterstock



© Shutterstock

## Kreeslafwirtschaft

D'Baubranche ass fir iwwer 20 % vun de weltwäiten $CO_2$-Emissioune responsabel. Nei Gemengegebaier sollen dofir no de Prinzippie vun der **Kreeslafwirtschaft** (Circular economy) gebaut ginn. Konkreet heescht dat, datt se sollen **demontéierbar** sinn, sou datt déi verschidde Konstruktiounselementer nach eng Kéier genotzt kënne ginn. Och sollen d'Gemengegebaier gréisstendeels aus **Holz** gebaut ginn.

## Energeetesch Sanéierung vu bestoende Gemengegebaier

Bei bestoende Gemengegebaier wäerte mir analyséieren, wéi eng **energeetesch Sanéierungsmoossname** sënnvoll sinn an dës och ëmsetzen.

## Subside fir d'Fërderung vun erneierbaren Energien

Fir d'Leidelenger Leit zousätzlech dozou ze motivéieren, vu fossillen op **erneierbar Energieträger** ëmzeklammen, wäert eng **kommunal Primm** fir d'Installatioun vun enger Wäermepompel, Solarthermie a Fotovoltaik agefouert ginn.

## Elektromobilitéit

De kommunale Fuerpark wäert no an no op **Elektromobilitéit** ëmgestallt ginn, do wou dat technesch méiglech ass. Och de Schoul- an de Ruffbus sollen elektrifizéiert ginn. Mir wäerten eng **kommunal Primm** fir d'Installatioun vun enger **privater Elektroborn** aféieren. Mir wäerten eis dofir asetzen, datt **méi Elektrobornen am ëffentleche Raum** opgestallt ginn, souwuel fir Autoe wéi och fir Pedelecs.



© Shutterstock

## Naturschutz

Mir wäerten an den **Naturschutz** investéieren an z. B. **d'Uleeë vu Weiere** férderen. Laanscht d'Stroossen a ronderëm d'Spillplaze solle **Wëllblummwisen** ugeluecht ginn. Ëffentlech Gréngfläche sollen deelweis nom Prinzip vum „Fauchage tardif" ënnerhale ginn, fir esou d'Biodiversitéit ze férderen. Nei Bushaisercher solle **begréngt** a mat Fotovoltaikmoduler equipéiert ginn.

## Zukunftsfäeg Bëscher

Eis Bëscher sollen **nohalteg bewirtschaft a klimaresistent** gemaach ginn. Doudegt Holz soll op verschiddene Plazen am Bësch leie gelooss ginn, well dëst **d'Biodiversitéit** férdert. Mir wäerten analyséieren, ob et Sënn mécht op verschidde Plaze manner vu baussen an de Bësch anzegräifen.



© Frank Engels



© Shutterstock

## Gemeinschaftsgaart

Interesséierte Biergerinnen a Bierger wäert e **Gemeinschaftsgaart** zur Verfügung gestallt ginn. Dëse klenge Gaart solle si **zesumme fleegen** an et soll **primär lokaalt Geseems** ugebaut ginn. An deem Kader wäerten och Formatiounen zum Theema „ökologesche Jardinage" ugebuede ginn.

## Drénkwaasserspender

Op verschiddene Plazen an der Gemeng wäerten **Drénkwaasserspender** installéiert ginn.



© Shutterstock

## Recyclingzenter

Mir wäerten eis dofir asetzen, datt Leideleng un e **grousse Recyclingzenter** an enger anerer Gemeng **ugeschloss gëtt.** Esou kann ee méi Zorten Offall entsuerge wéi bis ewell. Wéi virgesinn, soll eng nei lokal Antenn an der Aktivitéitszon „Am Bann“ geschafe ginn. Do kann een da beispillsweis Gréngschnëtt, Glas oder Pabeier/Kartong entsuergen. Gläichzäiteg soll och **d'Frequenz fir d'Ofhuele vu Pabeier/Kartong** erhéicht ginn.



© Shutterstock

# Eis Kandidatinnen a Kandidate fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023



**Lou Linster**
31 Joer
Spëtzekandidat,
Gemengeconseiller,
Ingénieur-conseil



**Vanessa Baldassarri ép. Demoling**
40 Joer
Juristin beim Ombudsman



**Patrick Calmus**
55 Joer
Gemengeconseiller,
Metallbauer, Enseignant am Secondaire



**Denise Copette ép. Conrardy**
50 Joer
Expert-comptable,
Conseillère économique



**Nathalie Entringer**
30 Joer
Promovéiert Linguistin am Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch



**Marcel Jakobs**
68 Joer
Gemengeconseiller,
Staatsbeamten a. P.



**Sandrine Pompidou**
42 Joer
Juristin, Deputy CEO
Car Avenue Luxembourg



**Jean-Pierre Roemen**
26 Joer
Gemengeconseiller, Jurist



**Dr. Philippe Wilmes**
42 Joer
Orthopedesche Chirurg,
Vizepresident AMMD

## Eng lieweg Gemeng fir jiddereen.